les Jardins d'Alysea

MAISON DE SOINS
Résidence 5 étoiles

Tél. : (+352) 27 12 93-1 welcome@alysea.lu www.alysea.lu

D'Bliedchen

Découvrez l'actualité de votre résidence

Interview mam Isabelle Wirtzler, Direktesch vum Fleegeheem „Les Jardins d'Alysea"

Isabelle Wirtzler, zanter engem Joer huet d'Covid-19-Pandemie de Fonctionnement vum Fleegeheem „Les Jardins d'Alysea" staark perturbéiert. Wat waren déi zentral Problemer an dëser schwéierer Zäit?

De Coronavirus huet de Fonctionnement vum Fleegeheem effektiv staark duercherneebruecht, well d'Sécherheet vun de Residenten a Mataarbechter déi héchst Prioritéit war a bleift. Glécklecherweis konnt op de gudde Wëllen an d'Efforte vun all de Bedeelegten, dorënner och d'Familllen, gezielt ginn. Et goufen zwee grouss Problemer: dat bal komplett Ofschafe vun all de Gruppenaktivitéiten an d'Aussetze vum Besuch vun der Famill, op deen d'Residentë sech dach esou freeën. Psychologesch gesinn, war et schwiereg.

Mee dank der Ënnerstëtzung vum Personal hunn d'Residenten d'Situatioun den Ëmstänn no gutt iwwerstanen. Haut kënne mer opgrond vun der gudder sanitärer Situatioun am Fleegeheem „Jardins d'Alysea" an dem Impfen envisagéieren, de Besuch vun der Famill a verschidden Aktivitéiten nees ze erlaben. Mir hoffen, dass mer lues a lues nees méi en normale Liewensrhythmus zeréckfanne wäerten!

Wéi hutt Dir den Impakt vun der Kris op Är Residentë limitéiert?

Et ass alles gemaach ginn, fir d'Residenten um sanitäre wéi och um psychologesche Plang ze schützen. Um sanitären Niveau sinn nei Hygiènesmesuren ageféiert ginn an d'Kontakter tëschent de Residenten oder mat der Aussewelt si staark erofgefuer ginn. Dat huet sech positiv op déi global sanitär Situatioun am Haus ausgewierkt. Um psychologesche Plang goufen d'Gruppenaktivitéiten duerch ugepasst Eenzelaktivitéiten a vill Videotelefonater ersat. Dat huet et de Vulnerabelsten erméiglecht, op aner Gedanken ze kommen a sech mat eppes anescht ze beschäftegen ewéi d'Pandemie oder d'Aussetze vum Besuch vun der Famill. Dat huet hinne wierklech guttgedoen!

Déi meescht Residentë goufen also scho geimpft? Wéi gesäit et beim Personal aus?

98 Prozent vun de Residenten sinn effektiv geimpft, awer e puer Leit konnten sech aus medezinesche Grënn net impfe loossen. Mir hunn och Residenten, déi réischt zanter Kuerzem hei sinn, a virdrun nach net geimpft goufen. An et gëtt Persounen, déi sech net wollten impfe loossen, well dat ass jo och net obligatoresch. Wéi vill Mataarbechter sech impfe gelooss hunn, weess ech elo net am Detail, awer déi meescht si wuel ganz motivéiert, fir dat ze maachen. Eenzeler hate keng Invitatioun kritt, an de Ministère huet proposéiert, se nodréiglech ze impfen.

Sinn d'Residenten erliichtert, dass d'Impfcampagne endlech ugefaangen huet?

Dat sinn se op alle Fall. Vill vun hinne konnten et kaum erwaarden, fir sech kënnen impfen ze loossen. Si fillen sech elo vill besser virum Virus geschützt.

All dës Entwécklungen deiten also drop hin, dass d'Joer 2021 besser kéint gi wéi dat lescht Joer?

Jo, no deem laange Confinement d'lescht Joer gesäit een elo rëm Luucht um Enn vum

Tunnel. An d'Fréijoer steet virun der Dier, a mer wëssen, dass de Virus da warscheinlech zréckgeet, wéi et d'lescht Joer de Fall war. Och d'Famille sinn elo méi berouegt.

Trotz der Covid-19-Pandemie konnt Dir d'lescht Joer awer eng Rei Evenementer organiséieren, wéi zum Beispill eng Chrëschtdagsfeier?

Jo, an dat war eis immens wichteg. Mir wosste bis zulescht net, ob dat kéint gemaach ginn, well mer hate leider am November vereenzelt Infektiounen am Haus. Mir haten dunn awer d'Chance, dass d'Situatioun sech Mëtt Dezember rëm berouegt huet. Et goufen awer och all déi néideg Virsiichtsmoossname geholl an zum Beispill Plexiglas-Schutzschëlder fir op d'Dëscher beschaaft. Dat huet de Leit et erméiglecht, an der Sécherheet an ouni Mask beieneen ze sinn oder zesummen z'iessen. Et ass jo awer e wichtegt Fest, an och dat hieft d'Stëmmung bei de Bewunner. Och de Kleesche war komm a mir hate Museker do, déi an de Restaurante gespillt hunn a fir eng festlech Stëmmung gesuergt hunn.

Ech wollt bei dëser Geleeënheet och dem Personal Merci soen, dat et dagdeeglech fäerdegbruecht huet, de Leit e bëssche vun där Péng vum Elengsinn ewechzehuelen. Et war jo eng immens bedréckend Zäit mat villen Ongewëssheeten. Och fir d'Famillen, déi vu baussen net ëmmer ganz matkritt hunn, wat heibanne geschitt, obschonns mer vill kommunizéiert hunn. Eis ganz Organisatioun ass op d'Kopp geheit ginn a jiddereen huet sech ugepasst. Merci un d'Residenten, d'Famillen an all d'Mataarbechter!

Wat de Besuch vun der Famill ugeet, huet sech lo och villes gebessert?

Nodeems tëschent dem 1. November an dem 1. Dezember 2020 leider keng Visitten erlaabt waren, goufen dës duerno nees lues a lues, an dat no engem strikte Planning, opgeholl. Vum 2. Dezember un waren d'Besich vun der Famill just op Rendez-vous an engem definéierte Raum autoriséiert. Ab dem 1. Februar dunn, nodeems d'Residenten hir zweet Impfdosis krut haten, goufe Visitte vun enger Stonn, an dat ee Mol pro Woch, nees erlaabt. Bis zum 18. Februar gouf dunn zur Sécherheet nach ofgewaart - a vu datt alles gutt verlaf ass, sinn d'Besich ab dee Moment nees ouni Limitatioun erlaabt ginn.

Déi eenzeg Obligatioun, déi onverännert bleift, ass dat strikt Anhale vun de Gestenbarrièren an d'Droe vun enger FFP2-Mask wärend dem Besuch.

Wéi gesinn Är Pläng dëst Joer aus, fir Aktivitéite mat de Residenten ze maachen?

Mir hunn eng Rei Saache geplangt, och wann ee leider ëmmer domadder rechne muss, dass d'Situatioun sech rëm verschlechtert. Mir plangen zum Beispill, den 10-järegen Anniversaire vum Haus ze feieren, e Summerfest an och erëm e Chrëschtmaart ze organiséieren. Mir musse kucken, ënner wéi enge Konditiounen dat ka stattfannen, well awer nach eng Rei Reglementatiounen ze respektéiere sinn. Lo, wou d'Wieder rëm schéi gëtt, wollte mer och „Thé-dansanten" a Concerten an der frëscher Loft organiséieren. Spadséiergäng a klenge Gruppe sinn och méiglech.

A jee nodeem, wéi d'Situatioun evoluéiert, géinge mer och gären déi traditionell Ausflich an d'Stad, an de Beetebuerger Park, asw. erëm aféieren. Déi si bei de Residenten ëmmer ganz beléift. Mir wëllen alles maachen, fir dass d'Residenten an aller Sécherheet de Liewensrhythmus, d'Gewunnechten an d'Aktivitéiten an Evenementer, déi hinne Spaass maachen, nees erëmfannen.

Témoignages

L'interview s'est déroulée au cours d'un groupe d'expression orale au salon. Tous les intervenants ont répondu de manière collégiale, contents de participer.

Témoignages post-confinement Covid, 3e étage, le 17.03.21, recueillis auprès de Mme Biren, Mme Bodeving, Mme Muller et M. Cantarelli.

Différents mots/maux viennent à notre esprit lorsque l'on évoque notre sentiment global à la sortie du confinement :

- Solitude
- Enfermement
- Privation de liberté : suppression des repas au restaurant, des sorties extérieures et des visites familiales

« Tout cela est fini pour le moment. Nous avons pu retrouver du lien social, revoir nos familles et faire des activités avec les autres résidents. Heureusement, car le moral était au plus bas. Sans les activités de groupe, la vie dans la maison était fade. Nous sommes heureux d'avoir retrouvé une vie quasi normale, bien que l'on soit conscient du fait qu'il est important de maintenir une vigilance et les bons gestes barrières. »

Neiegkeeten aus dem ganze Land

TRAM

Seit dem 1. März 2020 sind in Luxemburg alle öffentlichen Verkehrsmittel kostenlos. Somit benötigen die Fahrgäste sowohl für die CFL, die Tram, die Busdienste RGTR und TICE sowie die hauptstädtischen Busse keine Fahrscheine mehr, ausser für die erste Klasse und bei grenzüberschreitenden Verbindungen.

Die Tramlinie wurde seit dem 13. Dezember verlängert, und führt jetzt von den Ausstellungshallen auf Kirchberg über 15 Haltestellen bis zum Bahnhof. Dies hat zusammen mit dem Fahrplan, der in Spitzenzeiten eine Fahrt alle vier Minuten vorsieht, dazu geführt, dass täglich um die 40.000 Passagiere die Tram benutzen.

Die Strecke soll bis zum Findel und zur Cloche d'Or verlängert werden, und in Planung ist sogar eine schnelle Tram bis nach Esch. Die Cloche d'Or beim neuen Fussballstadion soll in der zweiten Hälfte 2023 erreicht werden.

TOURISMUS LUXEMBURG

Ostern ist auch der Beginn der Reisezeit. Viele Fernziele sind noch unerreichbar, doch auch Luxemburg hat in direkter Nähe viel zu bieten. So öffnen um diese Zeit viele touristische Attraktionen wie der Schmetterlingsgarten in Grevenmacher, „Train 1900" und Minett-Park in Differdingen (Fond de Gras), Aquarium in Wasserbillig oder der Sessellift in Vianden.

Allein in der Stadt Luxemburg lohnen sich Spaziergänge über die „Corniche", zu den Kasematten am Bockfelsen oder zu den Drei Eicheln.

Auch die vier Landesregionen sind sehenswert: Das GUTLAND mit seinen malerischen Dörfern, seinen imposanten Schlössern und Burganlagen sowie vielen Rad- und Wanderwegen; das ÉISLEK mit seinen Tälern und Hochplateaus und seiner unberührten Natur; die MOSEL mit ihren Weinbergen und beschaulichen Ecken und das MINETT, mit seiner von Stahl geprägten Vergangenheit und modernem Uni-Campus, ohne die Natur zur vergessen, die sich die Industriebrachen zurückerobert hat, was dem Minett seit Oktober 2020 das UNESCO-Label „Man and Biosphere" gebracht hat.

Die Natur wird auch in den drei Naturparks grossgeschrieben: Im Naturpark OBERSAUER steht der 380 ha grosse Stausee zusammen mit zahlreichen Wanderwegen und themenorientierten Rundwegen im Mittelpunkt; im Naturpark OUR haben sich auf einer Fläche von 305 km² die Gemeinden zusammengetan, um Naturschutz und Verbesserung des landwirtschaftlichen Einkommens durch Schaffung und Vermarktung innovativer Regionalprodukte zu fördern; und im Natur- & Geopark MËLLERDALL prägen die namensgebenden Mühlen an Sauer, Ernz und weiteren Bächen den Naturpark mit einer Fläche von 256 km².

Témoignages

Nous avons réalisé l'interview le 16 mars 2021 durant une activité de groupe.

Mme Penning, Mme Kolbet, Mme Kimmes, Mme Mart et M. Thiltges ont partagé leur ressentiment depuis la fin du confinement.

« Pendant le confinement, nous avons eu le sentiment d'être emprisonnés, de ne plus avoir de liberté. C'était difficile, car nous n'avions plus de visites de nos familles et plus de sorties.

Depuis que les activités ont recommencé, nous profitons plus de chaque moment ensemble, tandis qu'avant on ne se rendait pas compte de la chance qu'on avait.

Nous ressentons également plus de solidarité et de respect les uns envers les autres. »

Vie pratique

Sorties

Il est à nouveau possible de convier votre parent pour un moment familial, sans besoin d'être mis en isolement à son retour. Ceci sous condition d'être vacciné (2 injections) + 14 jours et de ne présenter aucun symptôme. Il en est de même pour les retours de rendez-vous médicaux, coiffeur, esthéticienne et sorties extérieures.

L'obligation de respecter les gestes et mesures barrières, le port du masque de préférence FFP2 tout au long de la visite ou sortie, l'hygiène des mains et les distanciations restent de rigueur.

En cas d'hospitalisation de plusieurs jours, un isolement préventif sera nécessaire. Les visites de la famille proche sont autorisées toujours dans le strict respect des gestes barrières, excepté en cas de symptômes.

Vaccination

Le vaccin protège contre la Covid-19, sans nécessairement éliminer la transmission du virus. De ce fait, la vaccination ne dispense en aucun cas de la nécessité de se faire tester de manière régulière, ni de l'obligation de respecter les gestes barrières.

Depuis novembre 2020, les résidents et salariés, qui le souhaitent, peuvent se faire tester au sein de la résidence, par l'unité mobile du Ministère de la Santé, dans le cadre du Large Scale Testing.

Osterbräuche

Viele Brauchtümer sind mit Ostern verbunden, so das „Klibbern" mit dem die Kinder, für die der Legende nach nach Rom geflogenen Glocken die Gläubigen zu den Gottesdiensten rufen.

Dafür werden sie mit Ostereiern entschädigt. Zum Osterfest gehört traditionell der Osterhase, der die bunten Ostereier bringt, sie im Garten versteckt, wo die Kinder versuchen, sie zu finden. Bevor die Eier gegessen werden, „ticken" die Kinder ihre Eier gegeneinander, und wessen Ei dabei nicht eingedellt wird, ist der Sieger.

Am „Bretzelsonndeg" schenken die Männer ihrer Geliebten eine Brezel und erhalten als Gegenpart an Ostern ein Schokoladenei.

Auf die „Aulebäcker" geht die „Éimäischen" am Ostermontag auf dem hauptstädtischen Fischmarkt und seit 1957 auch in Nospelt zurück, wo vor allem die bekannten „Péckvillercher" mit ihrem markanten Pfeifton neben anderen Kunstwaren verkauft werden.